
PROJET PLAN D'ÉTUDES 2025




# KONSULTATIOUNSPHAS

Bildungsberäich

## COLAB-WORKSHOP 5
## 'Méi Transversalitéit am Plan d'études?'

24. an 29. November 2022 - EduPôle zu Walfer an online via Teams


SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Curriculum
Division SCRIPT

## Impressum

© Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
Luxembourg

Auteur: SCRIPT – Division du développement du curriculum

Contact: **curriculum@script.lu**
**www.curriculum.lu** / **www.script.lu**

ISBN: 978-99959-1-498-1

Editioun Mee 2023

# Inhaltsverzeechnes

**1. Virwuert ... 4**

**2. Steckbréif vum CoLab-Workshop ... 5**

**3. Introduktioun an de CoLab-Workshop ... 7**

3.1. Thematesch Aleedung ... 7

3.2. CoLab am Presentiel ... 18

3.3. Online-CoLab ... 19

**4. Zesummefaassung vun den Diskussiounen ... 20**

4.1. Eng gemeinsam Definitioun vun Transversalitéit ... 21

4.2. Wéi eng transversal Kompetenze si wichteg? ... 23

4.3. Transversalitéit am Lëtzebuerger Schoulalldag ... 25

4.4. Wéini a firwat ass Transversalitéit vu Virdeel oder noutwenneg? ... 28

4.5. Wéi a wou ass d'Transversalitéit schwiereg? ... 30

4.6. Transversalitéit am neie Plan d'études an an der Zukunft vun der Schoul ... 32

**5. Réckbléck, Ausbléck a Kontakt ... 35**

# 1. Virwuert

Dëse Rapport faasst d'Diskussiounen zesummen, déi am fënnefte CoLab-Workshop[1] vun de Participanten aus dem Bildungsberäich zum Theema 'Méi Transversalitéit am Plan d'études?' gefouert gi sinn. Op zwee Owender, de 24. an 29. November 2022, hat d'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT d'Acteuren aus dem Bildungsberäich invitéiert fir um EduPôle zu Walfer an online via Teams iwwer transversal Theemen am Kader vun engem neie Plan d'études ze diskutéieren. 138 Participantë sinn dëser Invitatioun nokomm. An dësem Rapport ginn op den nächste Säite fir d'éischt d'Modalitéite vu béide CoLab-Workshops a Statistiken (Kapitel 2) virgestallt, d'thematesch Aleedung vu béiden Owender kënnt Dir a Kapitel 3 noliesen, ier et am Kapitel 4 dann ëm d'Diskussiounsinhalter vum CoLab-Workshop geet.

Dëse Rapport an aner Rapporten, déi am Kontext vum Konsultatiounsprozess ronderëm een neie 'Plan d'études 2025' veröffentlecht ginn, stellen eng Basis duer, op där weiderféierend Diskussioune ronderëm den neie Plan d'études gefouert wäerte ginn. Wann Dir u generellen Informatiounen iwwert de gesamte Projet 'Plan d'études 2025' interesséiert sidd, kënnt Dir eisen Internetsite **www.curriculum.lu** konsultéieren.

Mir wënschen Iech eng gutt Lecture!
**D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT**

Curriculum
Division SCRIPT

1 CoLab-Workshop ass ofgeleet vun 'collaborative laboratories'. Dëst si partizipativ Atelieren, déi vum SCRIPT ronderëm Ufroen, Virschléi a Projete mat Enseignanten, nationalen an internationalen Experten a Leit, déi vum Projet betraff sinn, duerchgeféiert ginn (**https://curriculum.lu/colab**).

# 2. Steckbréif vum CoLab-Workshop

### Wéini a Wou?

- 24. November 2022 am Presentiel um eduPôle zu Walfer
- 29. November 2022 online iwwer Teams

### Wéi vill?

- 27 Participanten am Presentiel (bei 34 Umeldungen)
- 11 Participanten online (bei 185 Umeldungen)

### Wien?


- Participanten: All d'Léierpersonal an d'edukatiivt a psychosoziaalt Personal aus der Grondschoul an de Kompetenzzentren, d'Enseignanten aus dem Secondaire a weider Acteuren (wéi IFEN, MENJE, Regionaldirektiounen etc.)
- Moderatioun: D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT

### Format?

Ee Mix aus Virtrag resp. enger Introduktioun an d'Theema vum SCRIPT & aktivem Schaffen vun de Participanten a méi klenge Gruppen.

- CoLab-Workshop am Presentiel mat 3 Atelieren:
  - Atelier A: Transversal Kompetenze fir den EF an den ES
  - Atelier B: Transversaalt Schaffen am Schoulalldag
  - Atelier C: Projeten & Initiativen an der Schoul
- CoLab-Workshop online iwwer Teams mat engem Word-Dokument:
  - D'Participanten hunn, agedeelt an 25 kleng Gruppen, mat engem Word-Dokument geschafft. All Grupp krut dat selwecht Word-Dokument mat de selwechte Froestellungen.

## De Profil vun de Participanten




**138 Participanten insgesamt**

93 Participanten „Enseignement fondamental“ (67%)
28 Participanten „Enseignement secondaire“ (20%)
11 Participanten „Centres de compétences“ (8%)
5 Participanten „Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse“ (4%)
1 Participanten „Autres“ (1%)

## D’Motivatioun vun de Participanten

Am Ufank vum CoLab-Workshop goufen d’Participantë gefrot, firwat si bei dësem CoLab-Workshop matmaachen. Heifir gouf iwwer den Online-Portal Mentimeter (**www.mentimeter.com**) eng Ëmfro lancéiert. Folgend Motivatioune si genannt ginn:




*Mentimeter vum 24. November 2022 (CoLab-Workshop am Presentiel mat 27 Participanten)*




*Mentimeter vum 29. November 2022 (Online-CoLab-Workshop mat 111 Participanten)*

# 3. Introduktioun an de CoLab-Workshop

An dësem Kapitel kënnt Dir d'Introduktioun noliesen, déi vu Säite vum SCRIPT gemaach ginn ass fir an d'Theema 'Méi Transversalitéit am Plan d'études?' anzeleeden. Mam **Kapitel 4** (**ab S. 20**) fänkt dann duerno den Haaptdeel vun dësem Rapport u mat enger Zesummefaassung vun de Käraussoen, déi an den Atelieren vu béide Workshopen zum Theema 'Méi Transversalitéit am Plan d'études?' gemaach gi sinn.

## 3.1. Thematesch Aleedung

Et ass eng faarweg Palett un Theemen, Projeten, Initiativen a Konzepter, déi schonn haut all Dag an an nieft de Schoulfächer an de Lëtzebuerger Grond- a Sekundarschoulen ëmgesat gëtt, fir d'Entwécklung vun transversale Kompetenze bei Kanner a Jugendlechen ze förderen.

Haut den Owend schwätzen mir iwwer Léiererliefnisser, déi an der Schoul oder baussent der Schoul als Schoulaktivitéite stattfannen. Et sinn déi Léiermomenter, déi de Kanner an eis Erwuessener am Réckbléck net seelen als déi prägenst a schéinste Schoulmomenter an Erënnerung bleiwen. D'transversaalt Léieren ass e vaste a faarwegt Feld, wat beim Kand a Jugendlechen an der Reegel ganz positiv connotéiert ass, wéi folgend Ausso aus der Fachliteratur bestätegt:


> „Ein im Ganzen positives Bild fächerübergreifenden Lernens zeigen auch die Reaktionen der Lernenden, die sich vor allem für die Lebensnähe fächerübergreifender Themen und die selbstständigen Arbeitsformen erwärmen." (Caviola et al. 2011: 13)

Zwou Eegenschafte vun transversalem Schaffen kënne mer do zréckbehalen: 1. et ass no um Liewen (Lebensnähe) an den Accent läit thematesch op gesellschaftlech relevanten, alldagsnoë Problemstellungen an 2. et gi virun allem selbststänneg a kollaborativ Aarbechtsforme genotzt.

Den Titel vun dësem CoLab 'Méi Transversalitéit am Plan d'études?' ka mat Bléck op de Begrëff 'transversal' dës Kéier abstrakt gewierkt hunn. 'Transversal' heescht an eisem Kontext sou vill wéi 'queesch iwwert déi klassesch Schoulfächer ewech' (vgl. Scharnhorst/Kaiser 2018: 15). Dat kann um Niveau vun de Fächer bedeiten: am fachgebonnenen Unterrecht méi transversal Theeme behandelen. Dat kënnen Theemen a Beräicher sinn, wéi: Data literacy (den Ëmgang mat Daten), media literacy (den Ëmgang mat Medien), financial literacy (Bildung am Ëmgang mat Finanzen) – dat kann och Entrepreneurship sinn (wat um Niveau Fondamental z. B. bedeite kann, Responsabilitéit ze iwwerhuele bei engem Projet), dat kënnen Theeme wéi Nohaltegkeet sinn an och aner Theemen, déi an engem konkrete Fach mat där Fachperspektiv kënne behandelt ginn, awer duerchaus als Theema doriwwer eraus reechen. Transversal kann och bedeiten, dass Perspektiven a Methoden aus méi Fächer kënne verbonne ginn an interagéieren. An 'Transversal' kann heeschen: Ausserhalb vum Fach, kengem Fach zouzeuerdnen (vgl. Scharnhorst/Kaiser 2018: 17). Fir dëse CoLab géif ech virschloen, d'Definitioun vu

Cole a Bradley 2018 ze notzen, déi d'Transversalitéit ganz allgemeng definéiert hunn als 'e Prozess, an deem Wäerter, Iddien, Sproochen, Konzepter an Approche mateneen interagéieren a sech iwwer kulturell an disziplinaresch Grenzen ewech beweegen' (vgl. Cole/Bradley 2018).

Den ageblente Schema aus der Publikatioun vum *UNESCO Bangkok Office* (2019) soll lech eng Iddi ginn, wéi breet de Begréff vun den transversalen Kompetenzen ausgeluecht gëtt.




*(UNESCO Bangkok Office 2019: 2)*

Mir wëllen haut mat lech iwwer all déi Unterrechtsformen, Unterrechtstheemen a Momenter an der Schoul diskutéieren, déi sech iwwer d'Grenz vum klassesche Fächerkanon erausbeweegen. Wéi sinn se zäitlech a räimlech organiséiert? Wou fanne se Plaz am Stonneplang? Wéi ee Methodekoffer gëtt benotzt? Wéi eng Unterrechtsziler viséiert den transversalen Unterrecht a wéi ee Stellewäert hunn transversal Theeme momentan am Plan d'études?

Mir schwätzen iwwer eng sëllech Initiativen an der Schoul, iwwer Projeten, Projetsdeeg, Projetswochen, iwwer Schoulexkursiounen, dauerhaft Konzepter vu fächeriwwergräifendem Unterrecht an transversal Theemen am Fachunterrecht.

Am CoLab haut interesséieren eis konkret déi folgend Froen:

- Wéi verstinn a liewe mir de Begrëff 'Transversalitéit' am Lëtzebuerger Schoulalldag?
- Wéi eng transversal Schlësselkompetenze mussen dem Plan d'études no gefërdert ginn?
- Wéi eng Plaz soll d'Evaluatioun hei hunn?
- Wat si Krittäre vun engem gudden transversalen Unterrecht?
- Wou a mat wéi enge Methode gëtt schonn transversal geschafft?
- Wou leien d'Limitte vum transversale Léieren an der schoulescher Ëmsetzung?

Fir dem Theema vun dësem CoLab 'Méi Transversalitéit am Plan d'études?' méi no ze kommen, stellen ech Iech elo an engem éischte Schrëtt aus där Bandbreet u méiglechen Theemen a Projeten véier Beispiller vir, déi déi verschidden Aspekter vum Schlagwuert 'transversal' fir d'Lëtzebuerger Grondschoul veranschauleche kënnen: Dir wäert elo méi gewuer ginn, iwwer e Piano an der Schoul, iwwert de Schoulhond Frodo, den Outdoor learning zu Iechternach an Theaterprojeten an der Schoul. Um Schluss vum Virtrag wäerte mir och nach engem klenge Roboter, dem Ozobot, begéinen.

Dës Impressioune si just ee klengen Ausschnëtt dovun, wat all Dag uechtert d'Land realiséiert gëtt. Si illustréieren, dass et zur Komplexitéit vum Sujet, deem mir eis haut zesummen unhuelen, dozou gehéiert, dass en theematesch an an der Ëmsetzung an all Richtunge geet.

## De Piano-Projet vun der EIGT

D'École internationale Gaston Thorn, déi am September hir Dieren an der Stad opgemaach huet, huet sech am Virfeld, wéi vill Schoulen, domat ausernee gesat, wéi eng Wäerter hir wichteg sinn. D'Prinzipien (Opriichtegkeet, Respekt, Responsabilitéit a Reflexioun) an d'inhaltlech Schwéierpunkten (Demokratie, Musik an Digital Welt) fannen zanterhir transversal Agank an de Schoulalldag.

Déi lescht Woche war een Deel vun der Schülerschaft domat beschäftegt, e Konzept ronderëm de Piano auszeschaffen, deen am Hall vum Gebäi en neit Doheem fonnt huet. D'Schülerinnen a Schüler hu Reegelen am Ëmgang mam Piano definéiert a sech mam Wäert a pädagogesche Potential iwwerhaapt vu Musek ausernee gesat. Si hunn ënnert sech Tuteure bestëmmt, déi jiddferengem aus der Schoulcommunitéit, dee wëll, d'Pianospillen kënne bäibréngen. A si hunn Tutorials um IPAD entwéckelt, fir d'Lidd vum Mount ze vermëttelen.

Wat fir een Impakt wäert de Piano op d'Schülerinnen a Schüler hunn, déi kollaboréieren?

De Piano-Projet weist eis, wéi sech iwwergeuerdnet Prinzipien bis an de Schoulalldag erof deklinéiere loossen a wou d'Stellschrauwen an der Praxis sinn, fir dass 'Prinzipien' net just Säz um Pabeier bleiwen.

Sou wéi d'EIGT ginn d'Schoule ganz allgemeng ëmmer méi op de Wee, sech iwwergeuerdnet Prinzipien a Schwéierpunkten ze ginn. Momentan sinn z. B. 13 Grond- a Sekundarschoulen zu Lëtzebuerg dem Réseau vun den UNESCO-Schoulen ugeschloss. Si verankeren an hirem Schoulalldag a pädagogesche Schaffen d'Piliere vun der UNESCO.

## De Projet Frodo an aner Projeten zur Ausbildung vu Selbst- a Sozialkompetenzen an der Schoul

D'Bedeitung vum perséinleche Wuelbefannen, vun emotionaler a sozialer Stabilitéit gëtt ëmmer méi an der internationaler Curriculumsentwécklung ënnerstrach. De ganze Volet gëtt rezent och dacks mam Begrëff vun der 'Häerzensbildung' ëmschriwwen. Am Plan d'études fanne mir ënnert de 'Compétences transversales' de Beräich zu den 'Attitudes relationelles an affectives'. Am Fach 'Vie et société' si weider Kärelementer verankert ginn. Mee ginn dës Indikatiounen duer fir d'Wichtegkeet vun de Sozial- a Selbstkompetenzen ze vermëttelen an se an Unterrechtsziler ëmzesëtzen?

De SEE-Learning-Programm ass e Curriculum, dee fir den internationalen Asaz entwéckelt ginn ass. De SEE-Learning steet fir soziaalt, emotionaalt an ethescht Léieren. De Programm bitt konkret Unterrechtsvirschléi vum Cycle 1 bis an de Lycée, fir Fäegkeete wéi Empathie, d'Reguléiere vun den eegenen Emotiounen an Engagement am fachgebonnen an net-fachgebonnenen Unterrecht ze vermëttelen, ze üben an ze erliewen. Momentan applizéieren zu Lëtzebuerg zwee Lycéeën an eng Grondschoul den SEE-L-Curriculum. Oft gi fächeriwwergräifend Projeten am Fondamental och iwwer de PDS realiséiert. Gäre kënne mir haut iwwer d'Instrument PDS fir d'Verankerung vun transversalen Elementer am Schoulalldag diskutéieren.

An d'EIGT ass och vun Ufank un ee véierbeenegen Kolleg mat agezunn: de Frodo schafft als Schoulmupp an der École internationale Gaston Thorn. Hien ass net deen eenzegen Assistenzhond an net dat eenzegt Assistenzdéier, dat an der lëtzebuerger Bildungslandschaft momentan agesat gëtt. Et gëtt och mat aneren Déieren, wéi z. B. Ieselen a Päerd, an der pädagogescher an therapeutescher Aarbecht mat Kanner geschafft. D'Déier bewierkt eppes beim Mënsch, hëlleft Sozialkompetenzen a ganz konkrete Situatiounen ze entwéckelen.

## Transversalitéit a BNE

Mir kommen zu engem anere Beispill fir Transversalitéit a ginn eraus an d'Natur. Vill Schoule verlagere mëttlerweil zäitweis hiren Unterrecht no baussen. Am Cycle 1 ass den Ausfluch an d'Natur ee feste Bestanddeel vum Stonneplang. Vum 10. bis den 28. Oktober 2022 hat den Éducatiounsministère fir d''Mir si raus-Woche' mobiliséiert. Dës Initiative huet als Zil, de Schoulen an de Kanner Loscht ze maachen, eng Rei vun hire Léieraktivitéiten dobaussen ze maachen. Dobaussen ze léieren huet

bei ville Kanner positiv Auswierkungen op d'Sozial-, Selbst- a Saachkompetenz a ganz allgemeng op d'Ausbildung vun Naturverbonnenheet (vgl. Jakob von Au/Jucker 2022).'Dobausse' kann een Ophänker sinn, fir gesellschaftrelevant Theeme wéi Nohaltegkeet besser unzeschwätzen. D'Fotoandréck vun der I-EBS-Initiative 'Léiere beim Séi' vun der Millermoaler Schoul zu Iechternach gesitt Dir hei stellvertriedend fir Schoulen, déi probéieren, den 'Outdoor learning' dauerhaft an de Schoulalldag ze integréieren. D'I-EBS-Initiative 'Léieren beim Séi' versicht, dobaussen an der Natur Kanner mat Förderbedarf bei hirer Selbstentwécklung ze ënnerstëtzen. Duerch Team-Erfarunge gëtt de Wäert vu Gruppepartizipatioun an dem kooperative Léiere vermëttelt. D'Kanner sollen duerch déi direkt Erfarungen an der Natur Spaass un de MINT-Fächer kréien.

## A play in a day

All Kand léiert anescht. Sou kënnen och Musik, Beweegung an Theater zu Methode ginn, fir d'Kand opzemaachen, fir z. B. Sproochwëssen oder Geschichtswëssen besser ze verënnerlechen. Et ass eng Eegenaart vum transversalen Unterricht, dass en iwwert dat reng Kognitiivt erausgeet, an didaktesch an inhaltlech déi dräi Dimensiounen – Geescht, Kierper an Emotiounen – matabezitt, an esou déi ganzheetlech Weiderbildung vum Mënsch viséiert.

Den 'A play in a day' ass eist véiert Beispill fir transversaalt Léieren an der Schoul. D'Initiativ vum MIMAMU-MAKEDRA-Projet vum SCRIPT huet als Zil, an der Schoul innerhalb vun 12 Stonnen ee Spektakel vun A-Z op d'Bühn ze bréngen. Mat MIMAMU a MAKEDRA kann d'Léierpersonal bei der Realisatioun vu kulturelle Projeten op professionell Theater- a Musikpädagogen zréckgräifen.

Fir den transversalen Unterrecht gëllt, dass den Enseignant als Generalist net an all Domaine eng Fachkompetenz ka matbréngen. Co-Teaching a professionell Intervenantë kënnen eng wäertvoll Ënnerstëtzung sinn, fir transversal Iddien an Ziler ëmzesetzen. Wéi kënnen se beschtméiglech matenee interagéieren?

D'Zil vun der Theaterpädagogik ass net, dass all Kand soll en Acteur ginn. Et ass vill méi d'Kreativitéit op allen Ebenen, déi e Projet wéi 'A play in a day' fërdert: Ee Kand moolt léiwer d'Bünebild, dat anert wëllt den Toun arrangéieren, an nach anerer fanne sech fir den Optrëtt. Den Ëmgang mat Stress gëtt trainéiert. D'Klass réckelt als Team zesummen: Et ass een Dag Zäit, fir eppes Grousses ze schafen.

Aktuell hëlt de Plan d'études kee Bezuch op den Theater als Spillwiss, fir Teamaarbecht ze üben, Gefiller auszedrécken oder als Tool fir Ängschten ze iwwerwannen, fir virun engem Public ze schwätzen. Den Theater gëtt am Plan d'études gréisstendeels als Medium unerkannt, fir d'Production orale am Däitschen an am Lëtzebuergeschen ze üben. Ganz kuerz gëtt en och als Informatiounsquell ernimmt, fir déi transversal Kompetenz 'saisir l'information' am Medieberäich ze üben. Wat géif sech veränneren, wann den Theater nach méi verankert géif ginn?

Wat mussen de Plan d'études an de ganze Curriculum vun der ëffentlecher Schoul leeschten, fir déi konkret Gestaltung vun enger méi transversaler Schoul an der Praxis ze motivéieren an ze vereinfachen?

## Kennzeechen a Prinzipie vu fächeriwwergräifendem Unterrecht

Eng spezifesch Methodik vu fächeriwwergräifendem an transversalem Unterrecht gëtt et net, mee et ass awer an der Regel eng Gestaltung vun Unterrecht, déi

**Inhaltlech:**

- Theemen, Phänomener a Problemer behandelt, déi méiperspektivesch ugeluecht d.h. facetteräich sinn a méi Facteure matabezéien, déi un d'Erfarungswelt vum Kand uschléissen a gesellschaftlech relevant sinn.

**Et ass en Unterrecht, deen:**

- ënnert dem Leitzil vun der Mündegkeet fachlech Kompetenze wëllt uneegnen an se integréiert, fir Phänomener ze verstoen, e Problem ze beaarbechten oder e Produit hirzestellen. Dobäi reflektéiert en déi verschidde Perspektiven, op déi en zréckgräift.

**A methodesch:**

- sinn et Unterrechtssettings, déi d'eegestännegt an matbestëmmt Léieren erméiglechen. Dacks ass et Projektunterrecht. Den Unterrecht soll doriwwer eraus ënnerschiddlech Erfarungen erméiglechen, an ënnerschiddlechen Interesse gerecht ginn. E soll Léiersituatioune schafen, déi komplex Ufuerderunge stellen an zur Reflexioun iwwert den Afloss vun ënnerschiddleche Perspektiven ureegen (vgl. Hempel 2020: 37).

## Transversal Kompetenzen als Schlëssel fir op eng onbestänneg Zukunft virzebereeden

Et ass dervun auszegoen, dass 65 % vun de Kanner, déi lo schonn hir Grondschoulausbildung ufänken, duerno an Aarbechtsberäicher a Beruffer wäerte schaffen, déi et haut nach net gëtt (vgl. ONQS 2020: 15, zit. n. Genner [2017]). Et gëtt vill doriwwer nogeduecht, wat een de Kanner fir Schlësselkompetenzen wëllt mat op de Wee gi fir d'Zukunft – an ëmgedréint och doriwwer, wéi eng Kompetenzen u Bedeitung wäerte verléieren.

Wann anescht geschafft wäert ginn, muss dann net och anescht geléiert ginn?

Wa mir eis mat engem Iwwerschaffe vum aktuelle Plan d'études fir 2025 auserneesetzen, ass et wichteg, dass mer eis bewosst sinn, dass d'Kanner, déi dëst Joer – am Joer 2022 - gebuer ginn, d'Grondschüler vun 2025 wäerte sinn. Si wäerten viraussichtlech ëm d'Joer 2050 Deel vun der Aarbechtspopulatioun ginn a mat de Berechnunge vun haut fréistens Enn 2080 an d'Pensioun goen (vgl. NCCA 2020: 1).

Säit de 70er Jore gëtt ëmmer nees doriwwer diskutéiert, ob eng an déi traditionell Fächer agedeelte Schoul duergeet, fir d'Kanner op déi Problemer virzebereeden, déi se an Zukunft erwaarden. Kann den traditionelle Fächerkanon transversal Theemen gutt genuch integréieren oder brauch et eng Ergänzung a Form vu méi transversalem Unterrecht (vgl. Caviola 2011: 21)?

## Bildung fir nohalteg Entwécklung


D'Verhale vum Eenzelnen an der Gesellschaft, sou gëtt prognostizéiert, huet spierbar Auswierkungen op déi grouss Schlësselproblemer vun eisem Zäitalter, op eis an zukënftege Generatiounen hir Liewensqualitéit. D'Vereenten Natiounen hunn am Joer 2015 eng Aart neie Contrat social geschloss. 17 global Ziler goufen sech bis d'Joer 2030 gesat. Lëtzebuerg huet dës Agenda 2030 ugeholl. Bildung fir nohalteg Entwécklung (BNE) soll de Schlëssel sinn, fir de 17 Ziler ze begéinen. D'Konzept BNE mécht dorop opmierksam, dass et zu den Aufgabe vun der Schoul gehéiert, de Bierger vu muer ze vermëttelen, wéi ee verantwortungsvoll an nohalteg an der Welt liewen an handele kann.

Säit Ufank 2000 goufen international verstäerkt Referenzkaderen ausgeschafft, déi en Inventar u Schlësselkompetenzen, sougenannten 21st century skills, virschloen fir de jonke Mënsch vu muer, un deem sech d'Bildungssystemer weltwäit beim Ausschaffe vun hire Léierpläng orientéiere kënnen. D'Curriculumsdivisioun vum SCRIPT huet eng **Visioun vum jonke Mënsch** ausgeschafft, dee 'selbstbewosst', 'vernetzt', 'virwëlzeg', 'kreativ' an e 'Citoyen' soll sinn, an e Kader mat 5 Schlësselkompetenzen, deen op den internationale Virleefer an dem domat verbonnen Fuerschungsstand baséiert an op de Finalitéite vun de Sektiounen a Fächer am Enseignement secondaire. D'Visioun an déi **5 Schlësselkompetenzen** (Multiliteracy Kompetenz, Selbstkompetenz, Transformativ Kompetenz, Denkkompetenz a Sozialkompetenz) déngen zanter dem Schouljoer 2020/2021 eiser Divisioun an de Programmkommissioune vum Enseignement secondaire als Orientéierung beim Ausschaffen, Iwwerschaffen an Ausriichte vu Fach- a Sektiounsprogrammer am Secondaire. Si wierke fächeriwwergräifend a fächervernetzend, wa Sektiounsprogrammer geschriwwe ginn an iwwert de ganze Curriculum nogeduecht gëtt (vgl. Division du développement du curriculum 2022a).

D'Schlësselkompetenze vum 21. Jorhonnert sollen d'Konzeptioun, d'Selektioun an d'Iwwerschaffe vum gesamte Curriculum leeden. Si solle kee weideren 'Ad on' sinn, mee si solle beim Opbau vum Curriculum sënngeméiss a sënnvoll mat afléissen.

Dat erfuerdert beim Iwwerschaffe vum Plan d'études dësen als e Kompass fir de Jonke vu muer ze gesinn an oppen a gutt iwwerluecht der Fro nozegoen, wat bei der Ausbildung vum Kand am Fondamental wichteg ass, wéi eng Inhaltsberäicher misste gestäerkt ginn, a wat manner wichteg ass.

Am éischte CoLab zur Visioun vum Fondamental, am Februar d'lescht Joer, goufen d'Participantë gefrot, wéi eng Kompetenzen dem Kand am Fondamental solle vermëttelt ginn. Genannt goufe fachgebonne Kompetenzen, sozial-emotional Kompetenzen, Denkkompetenzen a Selbstkompetenzen:




*(vgl. Division du développement du curriculum 2022b: 16)*

D'lescht Schouljoer hu mir an engem separate CoLab och d'Elterevertrieder invitéiert, fir mat eis iwwer en neie Plan d'études fir d'Grondschoul ze diskutéieren. Aus dem Rapport, deen Dir op eisem Site fannt, goufe folgend Aussoen erausgezunn, goufe folgend Aussoen erausgezunn:

- Et ass opgefall, dass d'Pädagogik, also d'Aart a Weis, wéi de Kanner Wëssen a Kompetenzen an der Schoul vermëttelt ginn, d'Participantë méi beschäftegt huet, ewéi de Contenu vum Plan d'études selwer, also d'Wëssen u sech.
- D'Freed um Léiere kann duerch ënnerschiddlech Outilen erreecht ginn (spilleresch, a Beweegung, duerch Projeten ...) an erhéicht d'Motivatioun fir ze léieren.
- D'Kanner sollen iwwer eng breet Pallett un Angeboter a verschidden Aktivitéite selwer hir Kompetenzen an Interêten entdecke kënnen.
- D'selbstbestëmmt a projetsbaséiert Léieren soll eng ganz Rei u Kompetenzen, déi am Moment net genug gefërdert ginn, méi an de Mëttelpunkt réckelen.
- Fir d'Eltere sinn d'Sozialkompetenzen essentiell, déi aus dem Kand e Mënsch maache géingen, dee säi Wee och an der Gesellschaft am grousse Ganze fanne kann: solidaresch sinn, Respekt weisen, am Grupp funktionéiere kënnen, seng Emotiounen am Gréff hunn etc. An deem Kontext ass och de Wonsch opkomm, dass d'Enseignanten zum Theema '21st Century Skills' forméiert ginn.

- D'Fuerderung, dass de Plan d'études méi no un de Kompetenze soll drun sinn, déi d'Kanner fir d'Liewen wäerte brauchen, spigelt sech am Wëssen an an de Kompetenzen, déi de Plan d'études soll vermëttelen. D'Participanten hu gefuerdert, dass e.a. d'STEAM-Fächer (science, technology, engineering, arts and mathematics) méi wichteg ginn, awer och déi Lëtzebuerger an international Kulturen an Traditiounen. Déi sexuell Opklärung sollt schonn an engem fréien Alter thematiséiert ginn an och déi handwierklech Fäegkeete sollten am Plan d'études hir Plaz fannen (vgl. Division du développement du curriculum 2022c: 14).

## De klassesche Fächerkanon

De Lëtzebuerger Schoulsystem steet, wéi vill Bildungssystemer uechter d'Welt, an enger Traditioun, déi versicht, d'Wierklechkeet a Fächer ze uerdnen, fir se esou (be)gräifbar ze maachen a fir kënnen domat ze schaffen. De Fächerkanon, wéi mir en an der Grondschoul virfannen, ass zanter dem 19. Jorhonnert quasi onverännert bliwwen.  D'Fächer erméiglechen eis, d'Siicht op d'Welt ze uerdnen; dat ass eng enorm Leeschtung. Et sollt een awer och kucken, wou de Fächerkanon an d'Schoulwëssen, wat do traditionell seng Plaz reservéiert huet, eng Form vu Begrenzung am Léieren sinn (vgl. Tenorth 1999; Diederich/Tenorth 1997).

D'Opdeelung an eenzel Fächer (Verfächerung) an der Schoul huet donieft och sozial Konsequenzen, well duerch d'Hierarchie vun de Fächer d'Schoul hir Selektioun mécht: Et ass festgeluecht, wat fir eng Fächer et ginn, wéi eng dovun Haapt- a wéi eng Niewefächer sinn, a wéi eng Leeschtungen a wéi enge Fächer eppes déngen, fir schoulesch weiderzekommen:

> „Wenn's ernst wird in der Schule, wird's disziplinär (Künzli 2000, S. 410). Die Unterscheidung von Haupt-, Pflicht- oder Wahlpflichtfach, von 'zählenden' und 'nichtzählenden' Fächern macht augenfällig, dass sich im Fach ein gesellschaftlicher Zugriff auf die Schule artikuliert. Der Wert eines Faches lässt sich am Gewicht seiner Note ablesen. Auch die Lektionentafel, d.h. die Zahl der Wochenlektionen, die einem Fach (...) zusteht, drückt den gesellschaftlichen Rang eines Faches aus. Noten und das 'Zeitbudget', über das ein Fach verfügt, sind die 'Währungen' im System Schule (Caviola et al. 2011: 28)."

Transversal Theeme ginn am Fachunterrecht behandelt a mat der Perspektiv vum Fach analyséiert. Fächerwësse gëtt och am Unterrecht vernetzt, a Fächer gi verbonnen. Villes, wat ënner transversal Projete fällt, gëtt awer och munchmol als manner wichteg an der Schoul wouergeholl. Dëst ergëtt sech aus der Positioun am Curriculum (der Aart vun der Evaluatioun, der Plaz am Stonneplang an dem Léierberäich, un deen de Projet ugebonnen ass).

## D'Transversalitéit am Plan d'études haut

Mat der Bildungsreform vun 2009 gouf de Plan d'études fir den Enseignement fondamental net méi duerchgängeg a Fächer, mee an Entwécklungs- a Léierberäicher agedeelt. Eng méi grouss Ouverture fir d'fächeriwwergräifend Léieren ass domat gemaach ginn a Schnëttstellen tëscht de Fächer goufe sou ugedeit.

## D'Fach 'VieSo'

D'VieSo ass als neit Fach am Fondamental entstan an huet de Religiouns- an de Moralcours ersat. D'VieSo entwéckelt vill Sozial- a Selbstkompetenzen an ass eng Plattform, fir déi grouss Zukunftsfroen unzeschwätzen. Wat géif passéieren, wa mer d'VieSo vum Stonneplang géifen huelen a soe géifen: Mir traitéieren ab elo d'transversal Froestellungen vun der VieSo an anere verwandte Fächer oder an allen anere Fächer? De Raum, fir d'Philosophéiere mat Kanner ze traitéieren, géif en aneren, villäicht méi klengen. D'Bewosstsinn oder d'Opmierksamkeet fir Liewens- a Gesellschaftsfroe wier villäicht eng aner.

## D'Compétences transversales

D'Compétences transversales sinn am Plan d'études agedeelt an Démarches mentales, Manières d'apprendre, Attitudes relationnelles an Attitudes affectives. D'Éducation aux médias gouf 2011 als transversal Kompetenz am Plan d'études integréiert an 2020 duerch de Medienkompass an de Coding ergänzt.

## De Mediekompass

Ausgangspunkt fir de Medienkompass war d'Feststellung, dass et zwar vill Eenzelinitiativen, awer kee gemeinsame Kader fir d'digital Bildung an d'digital Kompetenzen am Fondamental an am Secondaire zu Lëtzebuerg gëtt, an dass d'Mediebildung an der heiteger Zäit ee méi ëmfaassende Referenzkader brauch.

Säit September 2020 ënnerstëtzen d'Instituteurs spécialisés en compétences numériques (I-CN) d'Léierpersonal bei der Gestaltung an Ëmsetzung vu Léieraktivitéiten, déi digital Technologien notzen an zur Entwécklung vu medialen an digitale Schlësselkompetenze bäidroen. Computational Thinking, eng vun de 15 Kompetenzen aus dem Medienkompass, ass am Fondamental am Cycle 4 an der Mathematik verankert a gëtt an de Cyclen 1 bis 3 transversal am Unterrecht agebonnen.

Wann d'Kand am Cycle 3 en Ozobot am Geoscours programméiert an dëse klenge Roboter da wéi geplangt bei senger Präsentatioun virun der Klass iwwert eng Landkaart fiert, wärend d'Kand senge Matschüler d'Welt erkläert, da et éischt Kodéiererfarungen, et went säi Geowëssen un an et trainéiert zugläich seng Kommunikatiounsfäegkeete virun der Klass. Hei entstinn nei 'transversal' Léiermomenter am – net méi sou – klassesche Fachunterrecht.

Am Secondaire steet no enger Pilotphas zanter der Rentrée 2022/23 d'Fach 'Digital sciences' op alle Septièmen am Enseignement secondaire um Stonneplang mat 1 Stonn. Mir fannen an de Finalitéite vum Fach d'Kärinhalter a Methode vum transversalen Unterrecht. Bei der Evaluatioun steet am Fach 'Digital sciences' d'formativ Evaluatioun, de Prozess, am Virdergrond a net d'Resultat. Zousätzlech zu de klasseschen Evaluatiounsinstrumenter gouf am Fondamental de Mediepass an am Secondaire den EDUPASS, e Badge-System, agefouert.

D'Schoul zu Lëtzebuerg verännert sech. An et stelle sech vill Froe bei engem spannenden Theema: 'Méi Transversalitéit am Plan d'études?'

**Fir weider Informatioune fannt Dir op www.curriculum.lu och de PDF mat de PowerPoint-Sliden an dem Quelleverzeechnes vun dëser Introduktioun.**

## 3.2. CoLab am Presentiel

De 24. November 2022 hunn d’Participantë vum CoLab-Workshop am Presentiel a dräi thematesch verschiddenen Atelieren iwwer d’Theema ‘Méi Transversalitéit am Plan d’études?‘ diskutéiert. D’Zil vun den dräi Ateliers-Theeme war et, den iwwergeuerdnete Sujet vum Owend jeeweils aus verschiddene Bléckwénkel ze beliichten, fir esou e Gesamtbild kënnen ze erfaassen.

- **Atelier A:** Transversal Kompetenze fir den EF & ES
- **Atelier B:** Transversaalt Schaffen am Schoulalldag
- **Atelier C:** Projeten & Initiativen an der Schoul

E puer Präzisiounen zu den Theemen, déi an den eenzelnen Atelieren matabegraff waren:

### Atelier A: Transversal Kompetenze fir den EF & ES

- D’transversal Kompetenze vun de Kanner a vum Léierpersonal
- D’transversal Kompetenzen an de Plan d’études
- Wat si Stolpersteng a méiglech Léisungsusätz bei der Ëmsetzung vum transversale Schaffen?
- Wéi kann Transversalitéit ëmgesat ginn?

### Atelier B: Transversaalt Schaffen am Schoulalldag

- Wat bedeit d’transversaalt Schaffen am a fir de Schoulalldag?
- Wat si Stolpersteng a méiglech Léisungsusätz bei der Ëmsetzung vum transversale Schaffen?
- Wéi kann den transversalen Unterrecht am Schoulalldag praktesch ëmgesat ginn?

### Atelier C: Projeten & Initiativen an der Schoul

- D’Definitioun vun Transversalitéit
- Bestandsopnam: Projetsorientéiert Léieren
- Wat géif fir d’Zukunft beim transversalen a projetsorientéierte Schaffen hëllefen a wat steet dësem Schaffen am Wee?
- Wonschziedel: Nodenken iwwer d’Transversalitéit an de Plan d’études.

All Atelier gouf vun de Mataarbechter aus der Divisioun vun der Curriculumsentwécklung encadréiert, déi moderéiert an den Input festgehalen hunn.

## 3.3. Online-CoLab

Den 29. November 2022 hunn d'Participantë vum Online-CoLab op Basis vun fënnef groussen Iwwerfroen iwwer d'Theema 'Méi Transversalitéit am Plan d'études?' diskutéiert. D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung hat sech op Basis vun den Erfarungen aus de CoLab-Workshops am Schouljoer 2021-2022 dofir entscheet, dëst Schouljoer de Participantë vum Online-CoLab alleguerten déi selwecht Basisfroen ze stellen an d'Participanten also net méi an thematesch verschidden Atelieren opzedeelen. D'Participantë goufen no der Introduktioun a 'Breakout-Rooms' geschéckt, wou si a Gruppe vu 3-5 Leit zesummen iwwer d'Froen diskutéiert hunn. Den Online-Workshop gouf vu sechs Moderateuren aus der Divisioun vun der Curriculumsentwécklung encadréiert. Dës Moderateuren hunn de Participanten Hëllefstellung am Fall vu Froen a Problemer ginn, waren allerdéngs net aktiv bei den Diskussiounen dobäi an hunn dës deementspriechend och net moderéiert oder notéiert. D'Participanten hunn hiren Input an engem Word-Dokument festgehalen an dëst Dokument de Moderateuren weidergeleet. All Grupp huet iwwer follgend Froen diskutéiert:

- Fir eng gemeinsam Ausgangsbasis fir déi uschléissend Diskussioun ze schafen, definéiert zesummen de Begrëff "Transversalitéit".
- Wéi eng transversal Kompetenze sollen d'Kanner weiderentwéckelen?
- Opbauend op Är Erfarungen: Wéi kann een transversal schaffen?
  - Wou, wéini a firwat ...
    ... ass Transversalitéit férderlech/néideg?
    ... ass Transversalitéit net gëeegent?
- Wat sinn d'Krittäre vun engem gudden transversalen Unterrecht?
- Wéi gesäit eng sënnvoll Evaluatioun vun transversale Kompetenzen aus?
- Ausbléck: Aus der Diskussioun ronderëm d'Theema eraus – Wat fir Verännerunge wënscht Dir Iech als Grupp am Plan d'études (Domaines, ...) oder an der Schoulorganisatioun (PDS, ...) kuerz- a mëttelfristeg a puncto Transversalitéit? Wéi eng Plaz soll d'Transversalitéit an der Schoul vun der Zukunft hunn?
- Är wichtegst Punkten: Kuckt wgl. nach emol gemeinsam iwwert d'Dokument a markéiert déi Punkten, déi Ärer Meenung no besonnesch wichteg oder prioritär sinn.

# 4. Zesummefaassung vun den Diskussiounen

De gesammelten Input aus allen Atelieren (online a presentiel) gëtt op den nächste Säiten duergestallt.

D'Andeelung an d'Regruppéierung vun den Aussoen aus dem CoLab-Workshop gouf vun der Curriculumsdivisioun vum SCRIPT virgeholl. D'Inhalter goufe beschtméiglech zesummegefaasst a strukturéiert, woubäi versicht gouf, Eegeninterpretatiounen ze vermeiden a mëndlech wéi schrëftlech Aussoen inhaltsgetrei erëmzeginn an se zesummenzefaassen. Eng reng Zesummestellung vun de genannte Stéchwierder vun den Atelieren fënnt een an der separater **Annexe** zu dësem Rapport.

D'Inhalter, déi elo presentéiert ginn, sinn Deel vun der Grondlag fir eng weiderféierend Diskussioun ronderëm den neie Plan d'études 2025. Wärend munnech Aspekter méi dacks genannt gi sinn, huet et sech bei aneren (nach) ëm Eenzelaussoe gehandelt. Net all déi genannten Aspekter wäerten herno an dat konkret Konzept fir den neie Plan d'études 2025 opgeholl kënne ginn, mee si sinn awer wäertvoll Indikatoren, fir d'Richtung ze spieren, déi vum Terrain erwënscht ass. Verschidde Partner wäerten op dëse Rapport reagéieren an dobäi verschidde vun de presentéierten Iddien opgräifen, esou wéi anerer fir sech verwerfen. D'Zil ass et, fir no all de gehéierte Stëmmen e roude Fuedem erauszekristalliséieren, op deem den neie Plan d'études 2025 kann opgebaut ginn.

Op den nächste Säite fannt Dir deemno d'Käraussoen, déi am Online- an am Presentiel-CoLab-Workshop genannt goufen. Wann Dir interesséiert sidd, alleguerten d'Stéchwierder aus den Atelieren ze liesen, konsultéiert wgl. déi separat **Annexe**.

**Am nofolgenden Text sinn plazeweis déi Aussoen ervirgehuewen, déi laut Auteur vum Rapport am dackste vun de Participantë genannt goufen.**

## 4.1. Eng gemeinsam Definitioun vun Transversalitéit

### Wat beschäftegt d'Enseignanten? Wéi wäit spillt den Transversalitéitsbegrëff schonn eng Roll? Wéi wäit kann, däerf a muss Transversalitéit goen?

An der gemeinsamer Definitioun vun Transversalitéit gouf virun allem d'fach/fächer-iwwergräifend oder d'sou genanntent 'interdisziplinäert Schaffen' ervirgehuewen. Den transversalen Unterrecht gouf vun de Participantë vum CoLab esouwuel als geplangt, wéi och als spontan (Aktivitéit) beschriwwen; et ass en Unterrecht, deen un déi jeeweileg Schüler ugepasst ass an differenzéiert, andeems en hir verschidde Kompetenzniveaue respektéiert. Idealerweis soll transversaalt Schaffen an engem (souwuel interne wéi och externen) Team stattfannen. Transversaalt Schaffe brauch deementspriechend Flexibilitéit. Et muss als Léierform (als 'Lehr- und Lernform') fir de Schoulalldag akzeptéiert ginn, a soll esouwuel bannent der Schoul, ewéi och ausserhalb vun der Schoul stattfannen. Den transversalen Unterrecht gëtt als besonnesche Wee fir e Léierzil ze erreechen an och deelweis als Risque wouergeholl, well de Verlaf manner previsibel a siichtbar wier. Interdisziplinäert Schaffen bräicht tendenziell vill an och méi Kommunikatioun tëschent den Enseignanten. Am grousse Ganze gëtt d'interdisziplinäert Schaffen awer och als motivéierend fir den Schüler[2] empfonnt. Et erméiglecht d'Kombinatioun vu verschiddene Sënner an kann och digital (ënnerstëtzt) stattfannen.

En aneren Definitiounsusaz vun Transversalitéit ass dee vum theemeniwwergräifende Schaffen. D'Schaffen no Theeme géif e liewegt an projetsorientéiert Léieren erméiglechen.

Wichteg bei deenen zwee Usätz wier ëmmer d'Ausriichtung op bzw. d'Abannen vun den '21st Century skills'[3] an d'selbstännegt Léiere vun de Schüler (d'Léieren, ze léieren), d'Abanne vu paraschouleschen Aktivitéiten an eng besonnesch Berücksichtegung vun emotionalen a soziale Kompetenzen.


Als Kritikpunkt gouf déi momentan Oniwwersiichtlechkeet am Plan d'études ervirgestrach, déi et engersäits erschwéiere géif, den Elteren Transversalitéit (oder transversal Leeschtungen) ze erklären, an anerersäits, dës ze evaluéieren.

Am grousse Ganze géif d'transversaalt bzw. d'interdisziplinäert an d'theemeniwwergräifend Schaffe mat den hei uewendriwwer ernimmten Aspekter an Ziler dozou bäidroen, dass d'Léierpersonal de Kanner déi noutwendeg Kompetenze kéint matginn, fir se op den zukünftegen Aarbechtsmarché virzebereeden.

Insgesamt gekuckt hunn d'Participantë Spannungsfelder tëschent dem theemeniwwergräifenden an dem fachiwwergräifende Schaffen, awer och tëschent dem selbststännegen an dem éischter kollaborative Schaffe beschriwwen.

2 De Begrëff Schüler geet um Rapport genderneutral fir Schülerinnen a Schüler genotzt.

3 Siehe u.a. **https://www.curriculum.lu/biblio** .




Eng eenheetlech Definitioun vun Transversalitéit am a fir de lëtzebuergesche Schoulalldag wier schwiereg, well et vum Verbanne vu verschiddenen Theemen (innerhalb vun engem Fachberäich) bis zur Integratioun vu verschiddene Fächer (déi je no Situatioun vu verschiddenen Enseignantë gehale ginn) reecht. Dëse Spektrum erfuerdert en ënnerschiddlechen Opwand, souwuel wat d'Kommunikatioun ubelaangt, wéi och de Planungsopwand. Eens ware sech d'Participanten doranner, dass iwwer den transversalen Unterrecht un der Entwécklung vun de (sozio-emotionale) Kompetenze geschafft gëtt.

## 4.2. Wéi eng transversal Kompetenze si wichteg?

Sozio-emotional Kompetenzen, wéi Empathie, Resilienz(-entwécklung), Selbstkompetenzen a Selbstregulatioun, awer och d’Frustratiounstoleranz goufen am heefegsten als wichteg transversal Kompetenze fir d’Kanner genannt. Dozou gehéieren och d’Teamfäegkeet an d’Fäegkeet zur Gruppenaarbecht. D’kritescht Hannerfroen an d’kritescht Denke goufen och ervirgehuewen, sou wéi och d’Fäegkeet zum autonome Schaffen, zum Iwwerhuelen vu Responsabilitéit, dëst am Bezuch op d“Léieren ze léieren‘ an op d’Selbstorganisatioun am wäiteste Sënn. Dës Kompetenze goufen och als ‘Liewenskompetenze‘ bezeechent. Si sollen et d’Kanner erméiglechen, léierfäeg ze sinn an ze bleiwen, nozelauschteren, duerchzehalen a gedëlleg matzeschaffen, souwéi och intrinsesch motivéiert Léisunge fir Schwieregkeeten ze sichen an ze fannen.

Richteg kënnen ze kommunizéieren, respektiv och ze kritiséieren an d’Fäegkeet, mat Kritik ëmzegoen, goufe genannt, esou wéi och den digitalen Aspekt vun der Kommunikatioun.

D’transversaalt Schaffen férdert d’Ausdauer, d’Gedold an d’kognitiv Flexibilitéit vum Kand an och vum Léierpersonal.

D’Schüler mussen Disziplin beweisen, wichteg gesellschaftlech Wäerter léieren, a Raum an Zäit hunn, fir konzeptuellt Denke kënnen (weider-) ze entwéckelen. Theeme solle ‘fessele‘ kënnen an de Schüler op eng Aart a Weis nobruecht ginn, déi si begeeschtert. Zil ass et dobäi, eng Aart ‘Flow‘-Zoustand[4] bei de Schüler ze erreechen, andeems d’Theemen de Schüler hir intrinsesch motivéiert Begeeschterung um Léieren ervirruffen, wou Léieren hinne Freed mécht an deemno bal guer net méi als Ustrengung verstane gëtt.

Medial an digital Kompetenzen ze entwéckelen, d.h. ze léieren, mat Dateveraarbechtungssoftwaren (wéi Excel) ëmzegoen, mat Geräter (z. B. IPads) bis hin zum Kodéieren, wier genee sou wichteg, wéi d’Beherrsche vu manuellen, handwierkleche Fäegkeeten. Als ënnerstëtzend Fertegkeet respektiv als Erausfuerderung fir béid Aspekter gouf d’Feinmotorik genannt.

Déi 4-K (Kritescht Denken, Kommunikatioun, Kollaboratioun a Kreativitéit)[5] goufe souwuel explizit wéi och implizitt ganz oft ernimmt. Dorun uschléissend oder dorop opbauend goufe ‘Problem solving‘ an d’systemescht Denken als weider wichteg transversal Kompetenzen genannt. Dobäi sollten d’Konscht an d’musikalesch Bildung net vernoléissegt ginn.


Am Bezuch op den aktuelle Plan d’études gouf ugemierkt, dass sech verschidde Kanner aktuell schonn iwwerfuerdert géife fillen.

4 **https://wpgs.de/fachtexte/flow-erleben/** .

5 Fir 4 K siehe u.a. **https://men.public.lu/content/dam/men/fr/actualites/articles/communiques-conference-presse/2021/12/Nationaler-Bildungsbericht-Luxemburg-2021.pdf**; S.95.

Zesummegefaasst erginn sech e puer Spannungsfelder, wat d'Opfaassung vun transversale Kompetenzen an der Schoul ugeet.

Engersäits gouf e verstäerkte Fokus op Selbst- awer och op Gruppekompetenze gefuerdert. Anerersäits goufe souwuel digital wéi och praktesch Fäegkeeten als zentral a wichteg beschriwwen.




Déi 4-K (Kritescht Denken, Kommunikatioun, Kollaboratioun a Kreativitéit) sinn zum Deel méi dacks um Schema vertrueden (z. B. Kritescht Denken). Mir hunn eis fir dës Duerstellung entscheet, fir engersäits déi heefeg eenzel genannte Kompetenzen ofzebilden an anerersäits ze weisen, dass dacks den zesummefaassende Begrëff '4-K' genannt gouf. Sou sollen d'Bedeitung, d'Heefegkeet an och Iwwerschneidungen duergestallt ginn.

## 4.3. Transversalitéit am Lëtzebuerger Schoulalldag

### Wéi gëtt transversal geschafft a wou leien déi potenziell Schwieregkeeten a Léisungsusätz?

D'transversaalt Schaffen gëtt haut an de Lëtzebuerger Grondschoule gréisstendeels als Projetsaarbecht verstan an ëmgesat. Dobäi gëtt zum Deel fachiwwergräifend geschafft an et gëtt Wäert op d'Entwécklung vun de Sozialkompetenzen wéi och dem autonome Schaffen geluecht.

Am zweetheefegste goufe liewenspraktesch Usätz genannt, sou zum Beispill zesummen akafe goen, zesumme kachen oder och mat Holz schaffen. D'ausserschoulescht Léiere mat spillereschem, physeschem Material, d'Schoulausflich an ganz allgemeng 'Bewegtes Lernen'[6] (Léieren a Bewegung) goufen thematiséiert. Liewenspraktesch Usätz kënnen de Participanten no awer och duerch Mediennotzung ënnerstëtzt an/oder ëmgesat ginn. Dobäi kann theemeniwwergräifend geschafft ginn – an de Schwéierpunkt dorop geluecht ginn, dass en éischt Gefill fir déi zukünfteg Aarbechtswelt vermëttelt gëtt.

Dofir kënnen och extern 'Experten', dorënner och d'Elteren, an d'Schoul invitéiert ginn an an d'Schouliewe mat agebonnen ginn, zum Beispill fir op verschidde Sprooche virzeliesen oder iwwert hire Beruffsalldag ze schwätzen.

Et ass wichteg, eng interaktiv Léierdynamik (Lehr- und Lerndynamik) ze fërderen an d'Kanner zu Selbstinitiativen an zum autonome Schaffen ze encouragéieren an dofir ze responsabiliséieren.

Den transversalen Unterrecht soll den Participanten no sou konzipéiert sinn, dass en de Fokus op d'Handlungsorientéierung vum Kand leet: Dat kann zum Beispill bedeiten, dass d'Kanner direkt praktesch an den Unterrecht eraklammen an da selwer d'Stonnenziler entdecken a realiséieren. Dofir misst den transversalen Unterrecht op d'Virwësse vun de Kanner opbauen a sollt vum organisatoresche Standpunkt hir am beschten eng fest Plage am Wocheplang kréien. Alternativ oder complementaire dozou gouf virgeschloen, d'transversaalt Léieren am Kader vun Theemendeeg oder Theemewochen ëmzesetzen.

A Bezuch op d'Aarbechtsforme goufen d'Gruppenaarbecht, awer och d'cycleiwwergräifend Schaffen genannt. Fir d'Léierpersonal wier et och vu Virdeel, wa si fächeriwwergräifend an der Equipe pédagogique géifen zesummeschaffen.

Wat déi uewe genannte Sozial- an Selbstkompetenzen ugeet, gouf d'Bedeitung vum 'SEE Learning'[7], dorënner Achtsamkeetsübungen, an d'Bedeitung vum gemeinsame Fokus op de Klassekontext respektiv op de Klassenzesummenhalt ënnerstrach. D'Bedeitung vum Klasserot a Klassespriecher goufen erausgestallt an et gouf driwwer geschwat, dass et wichteg wier, ze léieren, dat eegent

---

6 Siehe u.a.: **https://men.public.lu/content/dam/men/fr/actualites/articles/communiques-conference-presse/2016/06/08-bewegte-schule/ppt.pdf** .

7 Siehe u.a. : **https://cc-cdse.lu/de/dienste/beratung-und-begleitung/10-pages/de-pages/32-coaching** .


Verhalen ze kennen a bewosst ze steieren. Dëst kéint och hëllefen, sech an der multikultureller lëtzebuergescher Gesellschaft an an der zukünfteger Aarbechtswelt erëmzefannen.

Transversal Strategië kënne fir an am Kontext vum schoulesch-fachleche Beräich (Beispill: Konzentratiounsverloscht) an am sozio-emotionale Beräich (Beispill: Emotiounsbewosstsinn a -kontroll) geléiert ginn.

Als konkret Beispiller fir transversaalt Schaffen am Lëtzebuerger Schoulalldag goufen ënnert anerem folgend Projeten genannt:

- Beispill 1: D’Zesummenaarbecht mat engem Graffiti-Kënschtler: D’Schüler mussen hei Franséisch schwätzen, dat heescht eng (Sprooch)Barrière iwwerwannen; vill verschidden Acteuren koume bei dësem Projet zesummen an hu mateneen interagéiert (Elteren, Press, ….).
- Beispill 2: D‘Realisatioun vun engem Musical, wou kënschtleresch a musikalesch orientéiert Enseignanten zesummegeschafft hunn.
- Beispill 3: Den Entwécklungsprozess vun engem Solarauto, dee mat a vun de Schüler konzeptualiséiert, entworf a gebaut gouf.
- Beispill 4: D’Schüler si bei ee Bauer gaang an hu mam selwer gepléckten a weiderverschafften Uebst a Geméis gekacht. Si hunn erlieft, vu wou d’Liewensmëttel kommen a wéi se weider veraarbecht (kënne) ginn.

D’Bildung fir nohalteg Entwécklung an/oder aner ‘grouss global an iwwergräifend Theeme‘ kënne sech bei esou Projeten als roude Fuedem duerch e ganzt Trimester, e Cycle oder iwwert e ganzt Schouljoer zéien a fach/-fächeriwwergräifend ugepaakt ginn.





D'Transversalitéit gëtt am Lëtzebuerger Schoulalldag de Moment virun allem als Projetsunterrecht ëmgesat a gelieft. Doniewent si *Schoul dobaussen*[8], liewenspraktesch Usätz a *bewegtes Lernen* aktuell wichteg Usätz fir transversaalt Schaffen an der Schoul. Interessant ass, dat déi Usätz ënnertenee gutt ze kombinéiere sinn.

8 **https://www.fudo.lu/de** .

## 4.4. Wéini a firwat ass Transversalitéit vu Virdeel oder noutwenneg?

### Wéi a wou kann d'Transversaliéit d'Léieren ënnerstëtzen?




Ee vun de groussen Atoute vun der Transversalitéit an der Schoul wie 'd'Virbereedung op d'Liewe' fir d'Kanner – d.h. dass si duerch alldags- a beruffsno Situatiounen d'Funktiounsweis vun der bausseschoulescher Realitéit, der Aarbechtswelt an dem Alldag verstoe léieren. Wat an der Schoul traditiounsgeméiss a Fächer agedeelt ass, ass baussent der Schoul dacks matenee verbonnen (z. B. Konscht/Kreativitéit a Mathematik am Handwierk). Dohier gëtt et als zentral ugesinn, an der Schoul driwwer ze schwätzen, wéi d'Alldagsliewe funktionéiert, virun allem mam Bezuch op d'Fërderung vun der sozialer Kompetenz fir e kooperatiivt Mateneen am Gesellschafts- an Aarbechtsliewen. Scho fréi sollen dowéinst d'Grondlage fir en Erméiglechen vun der sougenannter Work-Life-Balance geluecht ginn. D'Kanner solle verstoen, firwat si eppes léieren. Dës Sënnhaftegkeet iwwerdréit sech dann op hir Motivatioun.

Dofir ass et wichteg, d'Selbstreflexioun vum Kand am Bezuch op seng Kompetenzen ze ënnerstëtzen. D'Kanner sollen de Participantë vum CoLab no léieren ze erkennen, wou hir jeeweileg Stäerken a Schwächte leien, wou hir Grenze sinn a wéi si mat eventuellem Frust ëmgoen kënnen.

Fir d'Léierpersoun wier et dofir interessant, d'Kanner ganzheetlech ze gesinn, an net nëmme mat Bezuch op hir fachgebonne Fäegkeeten. Dat erméiglecht dem Léierpersonal a senger Aarbecht, mam individuelle Schüler do unzeknäppen, wou d'Kand net nëmmen a Bezuch op säi Fachwëssen, mee och a Bezuch op seng Liewensrealitéit steet an wou et sech selwer gesäit.

D'Denken an Zesummenhäng wier wichteg fir komplex Theeme kënnen ze verstoen a léisungs-orientéiert Strategien an Denkusätz entwéckelen ze kënnen.


Dowéinst bräichten d'Schülerinnen a Schüler zousätzlech zu deene schonn uewen ernimmte Selbstkompetenzen och Empathie a se misste Respekt entwéckelen, souwuel fir hir eegen Usiichten kënnen gegebenefalls ze hannerfroen, wéi och aner Opfaassungen novollzéien ze kënnen.

Een Deel vun de CoLab-Participanten huet gesot, dass wéineg oder manner Transversalitéit gläichbedeitend wier mat manner Léiermotivatioun beim Kand. Dofir wier et een Haaptzil vum transversale Schaffen, d'Wëssensvermëttlung ëmmer op deem bestoende Wëssen opzebauen, bzw. den Transfer vu Wëssensinhalter vun engem Fach op aner Fächer an transversal Froestellungen novollzéibar ze erkläeren. Dat Bréckeschloen tëschent verschiddene Fächer oder Léierinhalter wier férderlech fir e gutt Aarbechtsklima an der Klass ze schafen, wouvun och d'Léierpersonal erëm ka profitéiren.

Dofir sollt och d'Zesummenaarbecht mat de Maison-Relaisen/Foyeren ausgebaut ginn. Dëst erméiglecht souwuel eng multiperspektivesch Vue op d'Kand, wéi och eng (Méi-)Integratioun vun z. B. der Beweegung etc.

D'Bezéiung tëschent professionelle Bildungsvermëttler (aus dem formalen an non-formale Secteur) kéint esou wäit goen, dass den Unterrecht zesumme virbereet kéint ginn, fir d'Kenntnisser an d'Kompetenze vun de Kanner ze vernetzen a si doduerch beschtméiglech op hir Zukunft virzebereeden.

## 4.5. Wéi a wou ass d'Transversalitéit schwiereg?




D'Participantë goufen am CoLab och gefrot, wat et nach bräicht, fir d'transversaalt Schaffen ëmzesetzen. Als gréisst Hinderniss fir transversal Usätz gëtt de Maktum un Zäit genannt. An dat a villerlee Hisiicht: D'Zäit géif dacks net duergoen, fir munch Léierprozesser ofzeschléissen, well d'transversal Usäz géifen (méi) Zäit kaschten. Wann eppes séier geléiert misst ginn, wéi z. B. Vokabelen oder d'1x1, wier en transversalen Usaz net förderlech. Transversalitéit wier dofir net nëtzlech, wa Saachen auswenneg geléiert misste ginn, wéi grammatesch Reegelen oder mathematesch Fakten. D'Transversalitéit wier deemno net ëmmer ëmsetzbar, well et jo an der Schoul primär ëm d'Wëssenvermëttlung géif goen.

Fir Schüler mat spezifesche Besoinen, wéi z. B. Autismus, ADS an aner Verhalensopfällegkeeten oder besonnesch Reizsensibilitéite wieren transversal Usätz manner oder net passend.[9]

Doriwwer eraus wier Transversalitéit schwiereg ëmzesetzen, vun deem Moment un, wou méi Enseignanten involvéiert wieren, well et da séier zu perséinlechen oder organisatoresche Problemer kéint kommen. Et kéint problematesch sinn, en transversalen Unterrecht (zesummen) opzebauen, wann eng Léierpersoun z. B. mat Bléck op de Secondaire nëmmen op ee bestëmmtent Fach spezialiséiert wier. Och e modulare Unterrechtsopbau kéint et méi schwiereg maachen, fir transversal ze schaffen resp. sech transversal ze organiséieren.

Et gouf ugefouert, dass et och vun de jeeweilege Léierziler a vum Bilan um Enn vum Schouljoer géing ofhänken, ob d'Transversalitéit déi passend Unterrechtsmethod wier. Mee och d'Haltung vun den Enseignantë géif eng wichteg Roll spillen.

Aner Participantë vum CoLab hunn argumentéiert, dass alleguer d'Léierinhalter op eng transversal Aart a Weis kéinten ugaangen a vermëttelt ginn.

Als éischter organisatoresch Schwieregkeete ginn déi feelend finanziell Mëttel, d'Raimlechkeeten an d'Prioritéit, déi inhaltlech Virgabe vum 'Programm', dem Plan d'études, ze erfëllen, ernimmt.

Wat d'Schwieregkeete beim oder mam transversale Schaffen ugeet, goung d'Spannungsfeld also vun enger grondsätzlech positiver Astellung zur Transversalitéit hi bis zu enger gewësser Skepsis, déi souwuel déi praktesch Ëmsetzung betraff huet, wéi och d'Fro, wéi gëeegent transversaalt Schaffe fir d'Vermëttele vu gewësse Léierinhalter wier.

Am Bezuch op d'Zesummenaarbecht tëschent den Enseignantë gouf d'Transversalitéit souwuel als Stolpersteen wéi als Hëllef ugesinn. Zum Beispill a puncto Inklusioun vu Kanner mat spezifesche Besoinen kann den transversalen Unterrecht e Stolpersteen oder eng Hëllef sinn.

9 Interessant Usätz fir inklusiounsorientéiert Bildung mat Fokus op Transversalitéit fanne Léierpersounen e.a. bei der *European Agency for Special Needs and Inclusive Education*.

## 4.6. Transversalitéit am neie Plan d'études an an der Zukunft vun der Schoul

Een Haaptwonsch vun de Participantë war, de Plan d'études ze entschlacken, fir méi Zäit fir transversal Aktivitéiten ze hunn.

Am heefegste gouf sech gewënscht, méi Schoulzäit ausserhalb vum Klassesall (Beispill: Schoulgaart) an ausserhalb vum Schoulareal ze verbréngen, mat Schoulausflich (z. B. an e Musée oder an Entreprisen), sportlechen Aktivitéiten, Léieren a Bewegung an awer och Bildung fir nohalteg Entwécklung via méi Ausflich an d'Natur. Eng Grondfro, déi sech héi fir de Plan d'études stellt, ass dann: D'Entwécklung vu wéi enge Kompetenzen ass fir d'Kand am Enseignement fondamental wichteg am Hibléck op déi aktuell an viraussiichtlech künfteg gesellschaftlech a wirtschaftlech Entwécklungen zu Lëtzebuerg, an Europa an an der Welt?

Doriwwer eraus soll de Plan d'études méi interessant gestalt ginn, fir dass en och an der Praxis als wäertvollen, nëtzlechen a verständleche curriculare Kader genotzt gëtt. Dofir sollt e roude Fuedem sech erkennbar duerch all d'Cyclen zéien an de Plan d'études horizontal a vertikal kohärent opgebaut sinn. Déi genannte Fuerderung no méi 'Schoul dobaussen' soll konsequent abezun an ëmgesat ginn. Och aus dem Layout vum neie Plan d'études soll ervirgoen, wéi e Stellewäert déi gefuerdert transversal Kompetenzen am Gesamtkonzept vum Plan d'études anhuelen. Transversal Kompetenze kënnen als Ausgangspunkt déngen an esou zum Beispill erméiglechen, 'Méisproochegkeet' transversal ëmzesetzen. De Layout soll den Zougang zum an d'Handhabung vum Plan d'études erliichteren. En erliichterten Zougang zum 'Dokument Plan d'études' kann et erméiglechen, dass d'Transversalitéit an Zukunft méi an de schouleschen Alldag agebonnen a gelieft gëtt.

D'Roll vum Léierpersonal géif sech beim transversale Schaffe veränneren, vum Wëssensvermëttler an deemjéinegen, deen d'Léierfortschrëtter iwwerpréift, hin zum Léierbegleeder (Lerncoach).

Dofir wieren awer och praktesch Fort- a Weiderbildungen zum Theema 'Transversalitéit am schouleschen Alldag' néideg an och d'Grondausbildung vum Enseignant misst a puncto Transversalitéit iwwerschafft ginn. Weiderhi misst Schoulmaterial entwéckelt ginn, wat verstäerkt a besser Transversalitéit fërdert an afuerdert.

Eng Verännerung respektiv eng Upassung vun der Evaluatioun a Richtung vun den transversale Kompetenze gouf gefuerdert. Dëst kéint fir méi Kloerheet am ofschléissende Bilan suergen, virun allem duerch eng detailléiert Evaluatioun an Integratioun vun deenen eenzelne Kompetenzen.


Den organisatoresch-administrativen Opwand vum Plangen an Duerchféiere vun transversalen Aktivitéiten misst verréngert ginn, och fir méi Zäit fir perséinlech Gespréicher ze gewannen. D'Schoulorganisatioun, wéi se e.a. am Schoulentwécklungsplang (PDS) festgeluecht géif ginn, misst sech der transversaler Approche upassen. Schoulpresidente kéinten a sollte sech dozou op enger Plattform austauschen a sech Inspiratioun siche kënnen. En transversale PDS misst dann och méi staark vun der Schoulgemeinschaft gedroe ginn.

Wat den zäitlechen Opwand awer och dee gefuerderte Bezuch zur Erfarungs- an Erliefniswelt vum Kand ugeet, war et eng Iddi, fir inhaltlech méi dacks op extern Experten zréckzegräifen, déi di pedagogesch Aarbecht vum Léierpersonal mat spezifeschem a prakteschem Fachwëssen ënnerstëtze kéinten. Zum Beispill kéinten Hiewann bei den Theeme 'Pubertéit' oder 'Gebuert' mam Léierpersonal zesummen intervenéieren, awer och Naturwëssenschaftler oder Sportler kéinten am Unterrecht gewësse Fachberäicher realitéitsno vermëttelen. Niewefächer sollte méi en héije Stellewäert am Plan d'études kréien an 'eescht geholl' ginn. Fir d'Entwecklung vu (para-)schoulescher Infrastuktur kënnten och ausserschoulesch Experte fir esou Theemeberäicher bei der Upassung vu Raimlechkeeten e wäertvollen Input liwweren.

Et wier net nëmmen um Léierpersonal, mee och um Ministère an den Direktiounen, fir den Elteren de Sënn, Zweck an den Notzen vun Transversalitéit méi no ze bréngen. D'Kommunikatioun vun an iwwer Transversalitéit an der Schoul an am Plan d'études wier dobäi vun zentraler Bedeitung.

Ënnert de Virschléi fir d'Zukunft war deen, e 'Frei-Day' anzeféieren an een Transversalitéitskalenner opzestellen, an deem verschidden transversal Projeten iwwert d'ganzt Joer verdeelt als Proposen opgelëscht wieren. Et gouf och proposéiert, all 2 Joer e schoulinterne Projet unzesetzen, an deem transversal Theemen a Kompetenze gefërdert géife ginn an Transversalitéit esou an alle Klasse gelieft an ëmgesat géif ginn. Dofir missten d'Schülerinnen a Schüler aktiv a vun Ufank u mat abezu ginn. De Message hannert all dësen an aneren Initiative fir méi Transversalitéit an der Schoul misst ëmmer sinn, dass d'Transversalitéit als feste Bestanddeel vun der Schoul unzegesi wier an erwënscht/gewënscht wier, fir dass d'Schoulen och deementspriechend géifen a kéinten agéieren.

D'Evaluatioun misst sech par contre esou veränneren, dass se d'Prozesser, déi zum Erreeche vu bestëmmte Kompetenzniveauen duerchlaf ginn, beschreift (vun der zertifikativer zur formativer Evaluatioun).




Ofschléissend ka festgehale ginn, dass d'Unerkennung a Färderung vu soziale Kompetenzen, virun allem awer vu Selbstkompetenze fir d'Kanner an d'Léierpersonal gläichermoosse wichteg ass. Et wier wichteg, e manner starre Kader fir d'Schoul ze schafen. Bei der Entwécklung vum Kand a vu sengem Wëssen solle mënschlech Wäerter am Vierdergrond stoen. Dofir bräicht et Zäit a Raum, an e Plan d'études, deen d'Transversalitéit an de Mëttelpunkt géif stellen, respektiv als Ausgangspunkt fir d'Unterrichtsplanung géing ugesinn.

D'Evaluatioun vum Geléierte wier och eng Wäertschätzung dovunner. Wann eppes vun der Schoul bewäert géing ginn, kréich et eng Bedeitung; och dowéinst wier eng Evaluatioun vun transversale Kompetenze wichteg.

# 5. Réckbléck, Ausbléck a Kontakt

## Réckbléck

Am Schouljoer 2021/22 an 2022/23 hunn am Kader vum Projet 'Plan d'études 2025' eng ganz Rei Gespréicher stattfonnt mat Acteuren, déi a Beréierung mam Bildungssystem sinn. De versammelte Bildungsberäich (EF, ES, CC, MENJE asw.) huet an de **sechs CoLab-Workshoppe** ronderëm een neie Plan d'études diskutéiert. D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung huet donieft e. a. den **CSEN**, d'**Elterevertrieder** an d'**Kanner** zu hirer Vue op d'Schoul gefrot. Iwwert de gesamte Konsultatiounsprozess ewech huet d'Curriculumsdivisoun weider Acteuren an Experten am Kader vun Entrevuë gesinn, fir d'Theema 'Plan d'études 2025' vun ënnerschiddleche Standpunkten aus ze héieren an d'Wëssen a bestëmmte Kärberäicher weider ze verdéiwen. Zu dësen Austauschpartner hunn e.a. gehéiert: D'Programmkommissioune vum Fondamental (**CNEF**), de CoDir EF, de CoDir ES, de CoDir CC, d'**Direction générale vum Enseignement** fondamental, den **IFEN**, d'Direction générale de l'intégration, d'Gewerkschaften AIP, SEW an SNE, den **ZpB**, d'**Uni Lëtzebuerg** (LUCET, BSCE), d'CNEL, de Ministère de l'égalité entre les femmes et les hommes (MEGA) a weiderer méi. Munnech vun dësen Entrevuen hunn a Form vun engem organiséierten CoLab-Workshop stattfonnt, bei aneren huet sech een anert Format fir den Austausch ugebueden.

## Ausbléck

Am Mäerz 2023 kënnt déi grouss Konsultatiounsphas mam Terrain esou lues op een Enn. Insgesamt néng CoLab-Rapporte wäerten um Internetsite vun der Curriculumsdivisioun no an no publizéiert ginn. Dës Rapporte sinn déi schrëftlech Zesummefaassung vun deem, wat an de 6 grousse CoLabs mam Bildungsberäich, de CoLabs mam CSEN, dem Elteren-CoLab an de Kannerateliere gesot gouf. Si beweegen sech op enger méiglechst deskriptiver Analysebene.

No der Konsultatiounsphas start eng nei Phas vum 'Projet Plan d'études 2025'. Et ass déi eigentlech Analysphas hin zu engem Konzept fir en neie Plan d'études. D'Aussoen, déi am Laf vun der Konsultatiounsphas zesummekomm sinn, ginn an den nächste Méint an der Déift analyséiert (Triangulatioun duerch eng Mixed-Methods-Approach: Diskursanalys, Inhaltsanalys, Natural Language Processing): Wou ass Konsens? Wou ass de roude Fuedem?

Dës Synthees gëtt ergänzt duerch eng verdéifte wëssenschaftlech Recherche, duerch Recherchen am Hibléck op den (inter)nationale Bildungsdiscours an d'international Entwécklungen am Curriculum development, duerch d'Analys vum bestoende gesetzleche Kader an duerch d'Analys vun de Recommandatiounen, déi Experten an Stakeholder der Divisioun bis ewell mat op de Wee ginn hunn zum Projet an a Relatioun mam Plan d'études. Aus béiden Analysebenen (Synthees a Recherche) entsteet viraussiichtlech fir d'Rentrée 2023/24 en éischte Whitepaper fir eng Visioun vun engem neie Plan d'études 2025.

Wien u weideren Informatiounen iwwer de Projet interesséiert ass, fënnt dës ënner **https://curriculum.lu/PE_index** .

## Kontakt

Dir hutt Froen oder Ureegungen zum Projet ‘Plan d’études 2025‘ a wëllt mat eis a Kontakt trieden? Da kontaktéiert eis via d’E-Mail-Adress **curriculum@script.lu.**

Op eisem Internetsite **www.curriculum.lu** fannt Dir Informatiounen iwwer de Projet ‘Plan d’études 2025‘.

# Merci!

Mir soen all de Participanten an allen interesséierten Acteuren, déi eis bis elo kontaktéiert hunn, villmools Merci fir hiren Asaz! Et war eis eng grouss Freed, an all deene verschiddenen CoLab-Workshoppe mat lech an den Austausch ze kommen!

Mat beschte Gréiss

**D’Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT**

Curriculum
Division SCRIPT

www.curriculum.lu

www.script.lu